ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2227

REÇU
Par Alff Christian , 16:02, 15/05/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

De Lëtzebuerger Staat ass Proprietär vun enger ganzer Rei vun Immobilien am Land. Déi eng sënn de Verwaltunge virbehalen an anerer ginn zu Wunnzwecker genotzt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill Immobilië ginn aktuell zu Lëtzebuerg zu Wunnzwecker verlount?
2. Wéi vill Immobilië sinn net verlount, déi awer kéinte fir Wunnzwecker genotzt ginn?
3. Wat sinn déi jeeweileg Grënn, firwat datt eenzel Immobilien net verlount ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

REÇU
Par Alff Christian , 13:38, 11/06/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 832x5c484

Luxembourg, le 11 juin 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 2227 du 15 mai 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les biens immobilier de l'Etat à usage résidentiel

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro n° 2227 vum 15. Mee 2020 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen bezüglech dem Staat seng Immobilien fir Wunnzwecker**

De Staat verlount aktuell zu Lëtzebuerg eng 60 Wunnengen u Privatpersounen, 60 Wunnengen u Vereenegungen ouni Gewënnzweck (wéi zum Beispill d'Rout Kräiz) an eng 160 Wunnengen un d'Agence Immobilière Sociale. Eng 80 Wunnengen sinn aktuell nach als Logement de service fir Wunnzwecker benotzt.

Aktuell sinn 20 Haiser respektiv Wunnengen vum Staat net verlount. Do kommen ronn 30 Haiser dobäi déi virdrun als Logement de service benotzt goufen.

Déi Immobilien, déi nach net verlount gi sinn, sinn gréisstendeels an engem maroden Zoustand oder si virgesinn ofgerappt ze ginn, fir ee neie Projet ze realiséieren. Vereenzelter ginn nach temporär vun enger Administratioun oder engem Service vum Staat benotzt.